

Eist Spill: Wou? Wat?

An der Stad gëtt et Dosende vu Statuen a kleng Skulpturen! Eis KLACK 118 weist d'Muttergottes aus der Neipuertsgaass (Forum Royal). Richteg a matzäit geäntwert haten: Mireille LUX / Lampertsbiereg; Léon OLINGER / Stad; Aline KLEIN / Bounewee; Andrée REDER / Péiteng; Gerd STAPELMANN / Stad; Aline WEBER / Uewerkuer; Peggy MOES/Waasserbëlleg... eise Merci kënn mat der Post.

Wien a wou ass dat dann elo hei an der N.119? Fannt dir et bis e Méindeg, tëscht 9.00 an 13.00 Auer? Sot äis och, wa méiglech, wat dir eventuell gär als Präiss-Buch hätt (Lidder, Fabelen, Gréng+Rout Lëschten, de Vaubang, 'Extranummer 3'...).



(Photo M.V.)

Firwat net?

An der englescher Sprooch gëtt keen Ament gezéckt, fir en neien Ausdröck ze sichen, wann z.B. eng Saach wéi de FAX, de COMPUTER oder den HANDY opkënn. En Englesch-Spezialist giff äis der aus de leschten zéng Joer mat den Dosende ginn. Datt déi nei englesch Ausdröck dann total ongebremst an d'Däitsch, d'Franséisch asw. eralafen, dat hält un hinnen an net un den **Anglizismen / Amerikanismen, déi d'meescht vill méi kuerzsilbeg a gewieweg sinn**. A mir?... Maachen natierlech einfach mat. Well bei äis kënn nach dobäi, datt mir äis **genéiere fir selwer e Wuert ze maachen**, och wann et "oberluecht" géng op der Hand leien.

E Beispill: Dir erënnert iech drun, datt eng **Porettenzapp** eng wonnerbar geschméicheg (an och nach gesond) Schlabäizchen ass. Wat geschitt dann do? Et si gekachte Porette-Stécker, déi an eng wäiss Zos gezappt ginn. Mir kënnent also och vun enger "Fondue" schwätzen, mä hei huet eis Sprooch hir Chance behal. A wéi nenne mir et dann elo, wa mir Stécker Brout a geschmolzene Kéis oder Wëppele Fleesch an de gliddegen Ueleg zappen... wier dat keng wonnerbar – a vläicht esouguer e bèsse spaasseg Fassong – fir dem Lëtzebuergesch zwéin nei Ausdröck ze schenken: eng **Kéis-zapp** an eng **Fleesch-zapp** wier dach net dolaanscht, oder? ■al

Eis, äis... een, en?

Mir tippen hei net fir d'éischt op de ganz kloren Ënnerscheid tëscht **EIS** an **ÄIS**, well dat zwee total verschidde Wierder sinn! Vergläicht mam Däitschen, mam Franséischen oder Engleschen, da gëtt et direct sonnekleo! **nos** enfants **nous** aiment – **unsere** Kinder lieben **uns** – **our** children love **us**... **eis** Kanner hunn **äis** gär. Dat éischt ass e 'pronom possessif / besitzanzeigendes Fürwort', dat zweet ass e 'pronom démonstratif / hinzeigendes Fürwort'... mä de Verglach ass gläich méi däitlech ewéi déi dréche grammatesch Ausdröck, gelldir. An deemno ass et och wierklech am Lëtzebuergesche grad esou e graffe Fehler wéi et an den anere Sproochen en décke roude Strapp kritt!

Op deerselwechter Linn läit och d'Verwiesselung vun **EEN** an **EN**. Dat éischt ass eng Zuel (Numeral), dat zweet ass en (onbestëmten Artikel)...also heescht z.B. "een Zuch an d'Éislek", **datt der keng zwéin oder dräi fueren, mä nëmmen een!** Et muss also sinn "en Zuch an d'Éislek", **en** neit Haus (net **een**...), **e** gutt Kand (net **ee** g.K.). Dir sot elo, am Franséischen oder Däitschen wier do keen Ënnerscheid. Richteg. Ower da kuckt emol am Engleschen: do gëtt et dach och e kloeren Ënnerscheid tëscht **a** / **one** (a man with one eye)!

Fanatesch Méckepéilerei vu Sproochmatessen? Glat net, well dann ass jidder Léierpersoun, déi epe op grammatesch Uerdnung an enger Sprooch hält, e klengkaréierten Dëlpe! ■ H.M

fir ze kräischen?

Natierlech gëtt et méi "spannend" Saache wéi an enger Sprooch an hire Wierder ze wullen. Ower ob se z.B. manner interessant si wéi stonnelaang Wierderärselen ze "maachen", doriwwer léisst sech schwätzen, gelldir. Streckt een d'Nues mat Saache wéi eiser Sprooch eraus, dann ass et nëmmen normal, datt ee gefrot gëtt, "vu wou" dësen oder deen Ausdröck dann hierkënn. Et ass nach laang net ëmmer einfach, do eng Äntwert ze hunn oder ze fannen, dacks esouguer onméiglech, besonnesch wann et sech ëm Flouer-/ Kadasternimm dréint.

Am "Petit Robert 1", am "Larousse", am "Duden-Herkunftswörterbuch" an anere Wierker aus alle méigleche Sproochen fënn een eng Hellewull Äntwerten op sougenannt "etymologesch" Froen; mä déi sinn och alt net ëmmer "dogmatesch". Et gëtt déck speziell "Drullessen", an deenen et sech bliedert a liest ewéi an engem Krimi; ower dat geet ewell méi wäit. Fir d'Lëtzebuergesch gëtt et – bis elo – nach keen esou en "Dictionnaire-Material", mä wat net ass, kënn jo nach ëmmer kommen... " nit quaken, maken!"

Huelt emol e Wuert / Verb ewéi **«kräischen / Kreesch»**: do spiert een direkt, datt et mat deem däitsche «kreischen» ze dinn huet... ower glat net datselwecht heescht. Do ass et just e «jäizege» Laut! «Kräischen» ass och Famill mam franséische «crier», mä nëmmen ëm den Eck an net mat *pleurer*. Mä dat englescht "(to)cry" kënn ower genee op dselwecht eraus wéi eisen Ausdröck. Sot zu engem Däitschen "et wier fir ze kräischen", da fënn den dat "zum weinen / heulen", well dat, wat si ënner "kreissen" verstinn, huet nëmme méi mat der Maternité ze dinn (Kreiss-Saal)...an iwwersetzt emol op däitsch, datt do "Kreesch falen"!

An dësem Sënn ass et dann och dacks dolaanscht, ze mengen / behaupten, d'Lëtzebuergesch wier einfach Houdäitsch, mat enger "Träipeschlepp"... an eng ganz intressant Aarbecht wier et, eng Lëscht mat Ausdröck zesummenstellen, déi eng däitsch Nues hunn... ower epe total anescht bedeuten... mä hei si mir erëm no bei deenen ieweschten Zeile vun dësem Artikelchen! Wie wëllt da virufieren? Nit quaken, maken... soen déi Kölner! ■ P.W.

SCHUED!?! (Ceterum senso... 5)

a mir ginn äis net!

vum Lex Roth

De 25. November 1993 ass d'Nummer 1 vun eiser KLACK komm. Mir sinn elo domat am 13. Joer... zënterhier sinn Dosenden Artikelke hei publiziert ginn, an deene mir entweder direkt oder am Zesammenhang gefrot, gebiedelt, verlaangt hunn, fir **eiser Sprooch eng Plaz am Grondgesetz, der Constitioun vun eisem Land hirt Recht ze verschafen**. Eis KLACK war ë.a. och d'Tribün fir dës Fuerderung ginn, déi mir ewell Joere virun op all méiglech Fassong gestallt haten. **Haut si mir zesoen op der "ligne droite"**... vläicht och nach net?

Vrun 8 Joer hat ech am "Parc-Belair" e ganz private Rendez-vous mat mengem Schoulkomerod a Frënd **Willy Bourg**. Mir hunn äis zënter eise Bouwe-Joeren zu Wolz kann an e Liewe laang respektiert. De Will war – bei him ass den Ausdröck kee bëllegt Gemierwels – e ganze Kärel! Iwwer all ideologesch oder politesch Differenzen eraus gëtt jiddereen dat zou, deen de Willy kann huet. Déi Charakterstäerkt, mat deer hien seng onbarmhärzeg Krankheet erdroen huet, grad ewéi den immense Verloscht vun sengem léiwe Jong, hunn äis e Mann gewisen, un deem mir äis alleguer e Beispill kënnen huelen!

Joerelaang hunn ech mengem Kolleg Willy an eiser Sprooch an d'Rei gemaach, wat hie vu mir gebraucht huet; eng vun de flottsten Aarbechte war d'Hëllef bei senger an dem André Müller (†) hirer 3-bänneger Publikatioun iwwer eis Arméi: e formidabele Succès. Et ass dofir och net verwonnerlech, datt mir zwéin dacks iwwer eis Sprooch, hir Fonctioun an hir identitär Wichtigkeet ze schwätze koumen. Genee doduerch ass et och komm, datt ech de Willy Bourg gefrot hunn, als Deputéierten eist Uleies fir d'Lëtzebuergesch an der Constitioun mat an de Grëff ze huelen. Doraus ass dat Schrëftstéck (10.05.99) entstan, dat hien an der Chamber deposiert huet, fir eis Nationalsprooch mat bei déi Artikelke vun der Verfassung ze setzen, déi revidiert sollte ginn. Hei ass den Ufank vun deer legislativer Actioun gewiescht, déi jo nach haut "um Leescht" ass. **Dat ass a bleift – Hand op d'Häerz! – déi historesch Wouerecht**, wat den Unzéckert* fir d'Revisioun vum Artikel 29 vun eiser Constitioun ugeet.

Datt déi Initiativ sech duerno positiv "waarmgelaft" huet, ass de Verdéngscht vun alle politesche Parteien, déi eise President René Faber a mech vrun 2 Joer ganz sympathesch empfaang hunn (en etlecher hunn esouguer drop gehal, fir dat mat enger Presse-Photo ze dokumentéieren). Mir haten d'Fraktiounen, der Rei vun hirer Deputéierten-Zuel no, dofir gefrot; dës Reunione sinn alleguer absolut positiv gewiescht. Déiselwecht sympathesch Reaktioun hat och den Här Chamberpresident Lucien Weiler d'lescht Joer bei menger Visite. Datt mir fir eist Uleies vun de Resistenzorganisatiounen an den 'Enrôlés de force', an zënter e puer Méint och vum 'Conseil national pour la langue luxembourgeoise' de Réck gestäipt kruten, soll hei fair a mat grousem Merci ernimmt ginn.


Dat ass, bis elo, den «historique»... an aus deem ass dann och eraus ze liesen, datt keng politesch Partei an deer Saach «vir» war! Si sinn zesoen all "ex-aequo" beim Resultat! **Jidfer Partei däerf sech also mam selwechte Recht de Verdéngscht ëm eis Sprooch an der Constitioun op hire Fändel schreiwen**. Wann elo déi eng oder aner sech géng virdrücken, oder d'Saach parteipolitesch mat Fuerderunge (Expresser?) verkomplizéieren, déi de ganze Prozess verfälschen a vergëfte kënnent... dat wier schued!

* den "Unzéckert" kennt all Jeeër als deen Hond, dee virop leeft.



GENERALVERSAMMLUNG Actioun-Lëtzebuergesch

Eis Membren a Frënn sinn häerzlech fir e **SAMSCHDEG, den 22. ABRÉLL 2006** ëm 15.00 Auer an de Café «um Dierfgen» Casinosgaass / Côte d'Eich invitéiert.
Rapport+Diskussioun: **Eis Sprooch an der Constitioun**



Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35.000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

39,50 €

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).